Depot: Jeff Engelen

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2023
PL 8058

1

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Eisebunns-Tunnellen am Norde vum Land e beträchtlechen Alter vu ronn 160 Joer erreecht hunn;
- den Astuerz vum Tunnel Schieburg en éischt Warnsignal war, datt änlech Virfäll och méi dacks kënne virkommen;
- de Rutsch vun der Fielsformatioun bei Bierden, déi elo muss stabiliséiert ginn, e weidert Warnsignal war, datt änlech Virfäll och méi dacks kënne virkommen;
- deen ursprénglech festgesaten Delai fir d'Stabiliséierung vum Tunnel Schieburg net kann agehale ginn;

ass sech bewosst, datt

- elo méintelaang Stabiliséierungsaarbechte fälleg sinn;
- et schwéier virauszegesinn ass, wéi laang des Aarbecht an der Realitéit wäerten undaueren;
- bal de gesamten Zuchtrafic am Norden elo lahmgeluecht ass, mat dramatesche Konsequenze fir all déi Leit, déi Dag fir Dag op den Zuch, respektiv, op den ëffentlechen Transport, ugewise sinn;

fuerdert d'Regierung op,

- sou séier wéi méiglech eng Etüd ze maachen, fir eng weider Gleisspuer an den Norden ze realiséieren, sief dat nieft där aktueller Linn, oder awer eng ganz nei Linn.

Jeff Engelen

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**